



Groupe parlementaire

N° 6807
Entrée le 09.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.09.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

An engem Interview, deen den 23. Juni an der franséischer Zäitschrëft „Valeurs Actuelles“ publizéiert gouf, sot e franséischen Epidemolog datt d'Zuel vun de schwéiere Krankheetsverleef an den Hospitalisatiounen am Kader vum COVID-19 wäit ënnert deene vun der saisonaler Gripp louch an d'Spideeler während der COVID-Kris insgesamt souguer ënnerduerchschnëttlech ausgelaacht waren, zum Beispill well eng Rei Operatiounen ofgesot goufen an d'Leit sech deelweis guer net méi getraut hu bis an d'Spidol ze goen. Wéi a Frankräich huet déi potentiell Iwwerlaaschtung vun de Spidols- an Intensivbetter, souwéi dem Personal dat wichtegst Argument fir eng ganz Rei Restriktiounen am ëffentleche Beräich wéi am Privatlieue vun de Bierger duergestallt.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Gesondheetsminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Madamm Gesondheetsminister eng Tabell presentéieren, déi d'Gesamtzuel vun de Spidols- an Intensivbetter zu Lëtzebuerg an de Joren 2010 bis 2021, souwéi déi duerchschnëttlech Auslaaschtung pro Mount, ausgedréckt a Prozent regruppéiert a preziséieren, wéi vill Better 2020 an 2021 jeeweils spezifesch op COVID-Patienten entfall sinn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten




Äntwert vun der Madamm Gesondheitsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6807 vum 9. September 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen.

Den Gesondheitsministère verweist den honorabelen Deputéierten op d'Carte sanitaire 2021 déi vum Observatoire national de la santé ausgeschafft gouf an am Juli dëst Joër presentéiert ginn ass. Sie dokumentéiert an resüméiert d'Aktivitéiten am Spidolssektor. Dëst d'Dokument wat um Site vum Gesondheitsministère (<https://sante.public.lu/fr/espace-obsante/carte-sanitaire.html>) publizéiert ass an domat fir jidder Bierger fräi zougänglech ass, huet eng speziell Sektoun iwwert „Organisation et activités liées à la COVID-19“ op den Säiten 111-128 vum „document principal“ a misst domat op déi meeschten Froen vum honorabelen Deputéierten äntweren. Lëtzebuerg huet 2.042 akut Spidolsbetter, dovun 153 als Intensivbetter. Dobäi muss awer präziséiert ginn dass dovun 21 Better fir Pédiatrie an Néonatalogie sinn an 36 Better fir spezialiséiert Servicer (Cardiologie, maladies neurovasculaires, Neurochirurgie). Et bleiwen also nach 96 Intensivbetter fir allgemeng erwuessen Patienten.

Am Joer 2020 goufen et 1.741 Hospitalisatiounen fir Covid-19, dovun 14% an den Soins intensifs. D'duerchschnëttlech Hospitalisatiounsdauer vun de Covid-Patienten war 10.9 Deeg an den normalen Unitéiten, an 20.6 Deeg an den Soins intensifs.

Am Joer 2021 goufen et 1.841 Hospitalisatiounen fir Covid-19, dovun 20.3% an den Soins intensifs. D'duerchschnëttlech Hospitalisatiounsdauer vun den Covid-Patienten war 13 Deeg an den normalen Unitéiten, an 25 Deeg an den Soins intensifs.

Weider ass ze bemierken dass d'Zuel vun den Covid-19-Patienten an den normalen Unitéiten, wéi an den Soins intensifs vun der Santé all Dag publizéiert gouf säit dem Ufank vun der Pandemie. Als Rappel, hei nach emol dës Donnéeën a graphescher Form.



Aus dësen Zuelen kann een Ofleeden dass maximal 10% vun den normalen Akutbetter mat Covid-19-Patienten beluecht waren, a maximal 52% vun den Soins intensifs Better.

Leider gëtt et keng Opspléckung vun den Donnéeën pro Mount.

Lëtzebuerg, den 10. Oktober 2022

D' Gesondheitsministesch
(s.) Paulette Lenert